

Courrier de l'Éducation nationale

Le mensuel du ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

JANVIER 2023

A01

Dans ce numéro :

LES ACTUALITÉS DU MENJE

Pour en savoir plus..... 2

À la UNE

Schreifmaschinn.lu 3
Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch 6
Save the date: BNE Foire 2023 8

Leseförderung - Schulbibliothek - Medienerziehung

Ukraine - Kinderbücher: einige Empfehlungen 9

Publications

Nouvelles publications 15

Brèves

Lët'z Teach Science! 16
La plateforme kulturama.lu fait peau neuve 17

LE MONDE DE L'ÉDUCATION

Manifestations

Eltereschoul - Programm 18
FLBB - Basketball4kids 21
ZpB - Une nouvelle constitution pour le Luxembourg 22



INFORMATIONS UTILES :

Le délai pour la remise des annonces à publier est fixé au 15 de chaque mois précédent la publication du CEN.

Les articles ne doivent pas dépasser 2 pages A4 (Times new roman, 12pts, interlinage 1,5) et sont à adresser sous forme électronique (textes au format word, images au format jpeg 72dpi) à l'adresse suivante : cen@men.lu

Le MENJE se réserve le droit de modifier voire refuser des contributions externes. Il décline toute responsabilité quant au contenu de ces contributions.

Le CEN paraît 11 fois par an.

Les publications du ministère peuvent être consultées sur notre site: www.men.public.lu



Pour en savoir plus :

- [Retour en images sur la première Semaine de la démocratie et de la citoyenneté](#)
- [Les projets d'établissement, moteur d'innovation dans les lycées](#)
- [Video vum Colloque iwwert de 'Reenert'](#)
- [Un nouveau dictionnaire pour l'accueil et l'intégration des réfugiés ukrainiens](#)

ÉDITORIAL

Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

33, rives de Clausen
L-2165 Luxembourg

layout: Presse et Communication

e-mail: cen@men.lu

tél.: +352 247-85114

consultez notre site:
<http://www.men.public.lu>



Sproocherkennung op Lëtzebuergesch - Dir schwätzt, d'Maschinn schreift



Déi nei Web-Applikatioun schreifmaschinn.lu erméiglecht eng automatesch Text-Transkriptioun.

Den 9. Dezember 2022 huet den Educatiounsminister Claude Meisch en neien Internetsite fir d'Lëtzebuerger Sprooch virgestallt. schreifmaschinn.lu mécht aus geschwatener Sprooch e geschriwwenen Text.

„Eng grouss Chance fir eng kleng Sprooch!“, seet de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, iwwer déi nei Méiglechkeete vun der Sproocherkennung fir d'Lëtzebuergesch. „Ech ginn Toun eran an ech kréien Text eraus. E Programm verwandelt geschwate Sprooch a geschriwwen Sprooch“, esou bréngt de Minister deen heie Site schreifmaschinn.lu op de Punkt.

Wat fir aner Sprooche scho méi laang méiglech ass, dat gëtt et elo – an enger éischter Versioun – och fir d'Lëtzebuerger Sprooch: eng automatesch Text-Transkriptioun. Iwwer déi nei Web-App vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS) an Zesummenaarbecht mam Le Minh Nguyen, Expert an der Voice Technology, ka jiddereen seng geschwate Sätz op eng einfach Aart a Weis verschrëftleche loassen. De Prototyp weist, datt d'Sproocherkennung och op Lëtzebuergesch funktionéiert. An den nächste Méint soll d'Performance vum Sproochmodell derhannert weider eropgesat ginn. Dofir huet den ZLS och scho konkreet Pläng an eng Partie interessant Kontakter mat potenzielle Partner zu Lëtzebuerg an am Ausland.

Mat der Sproocherkennung, also dem Verschrëftleche vu geschwatener Sprooch (Speech to Text), gëtt eng éischt wichteg Etapp fir zukünfteg Entwécklunge geluecht. Si kann d'Basis si fir zum Beispill eng Sproochsteierung, eng Virliesfunktioun (Text to Speech), simultan Énnertitelen, Live-Iwwersetzung oder e lëtzebuergeschen Chatbot. „D'Lëtzebuerger Sprooch soll vun den neien technologesche Méiglechkeete profitéieren an hëlfen, de Leit d'Liewe méi einfach ze maachen – am Alldag, am Beruff, beim Léieren an och an der Fräizäit“, esou de Wunsch vum Minister.

1. Wéi funktionéiert déi nei Web-App schreifmaschinn.lu?

De Gebrauch vun der neier Text-Transkriptioun ass intuitiv. Hei eng Erklärung a fënnef Schrëtt:

Um Computer, Tablet oder Smartphone eng Browser-Fénster opmaachen an op d'Sait schreifmaschinn.lu goen.

Op der Introssäit den Disclaimer liesen. Déi kuerz Erklärung geet op eng Partie Froen an, déi een sech als Utilisateur ka stellen.

Op der Haaptsäit huet een de Choix: Et kann ee selwer eppes aschwätzen, et kann een e Fichier (eng kuerz Audiodatei) eroplueden, oder et kann een d'Schreifmaschinn mat pre-enregistréierte Beispillssätz testen.

Kuerz waarden op d'Resultat vun der Transkriptioun. Den Text daucht an enger Fénster énner dem Audiofichier op.

Bei Bedarf kann den Text aus der Schreifmaschinn kopéiert a weiderverschafft ginn.

2. Wéi gouf déi nei Web-App entwéckelt?

[schreifmaschinn.lu](#) baséiert um multilingualen Open-Source-Modell vu meta.ai XLS-R. Dee gouf mat 436.000 Stonnen Audiomaterial an 128 verschiddene Sprooche virtrainéiert.

Fir dése Modell spezifesch op d'Lëtzebuerger Sprooch auszeriichten, ass déi kënschtliche Intelligenz hannendru mat lëtzebuergeschen Donnéeën, déi gréisstendeels vun éffentleche Medien (RTL, 100,7) stamen, verfeinert ginn. Dobäi huet den ZLS sain Knowhow abruecht, fir déi transkribéiert Medientexter orthografesch unzepassen a mam Audiofichier ze synchroniséieren. Dräi Deeg Rechepower waren néideg, fir déi final Versioun vum Modell ze verbesseren.

Fir datt een deen Algorithmus och kann testen, gouf am ZLS eng Web-Applikatioun ronderëm de Modell gebaut. Duerch déi aktiv Kooperatioun vu CGIE, Restena an hire Cloud-Partner ass dës Web-App vun elo un éffentlech zougänglech a kann énner [schreifmaschinn.lu](#) ausprobéiert ginn.

3. Wat sinn d'Limitte vun der neier Web-App?

[schreifmaschinn.lu](#) ass en éischte Prototyp a gëtt nach lafend verbessert. Natierlech gëtt et dowéinst nach vill Plaz fir Verbesserungen. Well de Modell, also déi kënschtliche Intelligenz derhannert, fir eng Transkriptioun muss bis zu zwou Milliarde Parameteren opruffen, ass d'Computational Power, déi derfir gebraucht gëtt, net ze énnerschätzen.

Fir d'Vitess an d'Capacitéit ze garantéieren, gëtt et an enger éischter Phas eng Limitt am Tool vun 30 Sekonne pro Audiodatei/Opnam. Fir méi grouss Dateie sollt den ZLS direkt kontaktéiert ginn.

Den Disclaimer op der éischter Säit liwwert eng Partie wichteg Hiweiser iwwer [schreifmaschinn.lu](#). En erklärt kuerz de Fonctionnement, informéiert iwwer d'Trainingsdaten, warnt viru falschen Erwaardungen a geet och op Froen zum Datenschutz an. D'Enregistrementer vun den Utilisateure ginn no der Auswäertung net gespäichert, trotzdem gëtt dervun ofgeroden, sensibel Donnéeën ze kommunikéieren.

4. Wéi eng Perspektive bitt déi nei Web-App?

[schreifmaschinn.lu](#) wäert am Laf vun den nächste Méint nach perfektionéiert a verbessert ginn. Dofir gëtt et och schonn e konkrete Plang: Fir se op d'Lëtzebuerger Sprooch ze trainéieren, gouf déi aktuell Versioun vum Modell énnert anerem mat 16 Stonnen hypersynchroniséierten Text-Audio-Donnéeë gefiddert. An den nächste Méint soll dës Zuel op honnert eropgesat ginn. Ausserdeem gëtt d'Méiglechkeet gepréift, nach méi konsequent e Spellchecker (z. B. geziilt mat Eegennimm) an de Workflow ze integréieren.

Um Enn vun dése mëttelfristege Verbesserunge sollen esouwuel deen optimiséierte Modell wéi och d'Trainingsdaten allen Interesséierten op Nofro zur Verfügung gestallt ginn, fir datt mam neien Transkribéier-Tool ka geschafft ginn a fir datt en op Wonsch no spezifesche Bedierfnesser ka weiderentwéckelt ginn. E soll och als Basis kënnen déngen, fir eegen Applikatiounen ze developpéieren. A mat den Date kënne méi spéit natierlech och aner AI-Modeller trainéiert ginn.

Den ZLS steet och ewell mat externe Firmaen als potenziell Partner a Kontakt. Dorënner sinn och grouss international Playeren. Eng wonnerbar Opportunitéit fir d'Lëtzebuerger Sprooch.

5. Wéi kann een hëllefen, schreifmaschinn.lu nach besser ze maachen?

E Modell ass émmer némmen esou gutt ewéi d'Daten, mat deenen e gefiddert gëtt. Wien de Sproochmodell a ganz spezifesche Sproochesituatiounen wëllt asetzen, deen ass gutt beroden, en och mat spezifeschen Daten ze trainéieren.

Fir den aktuelle Prototyp ze optimiséieren a fir vill Situationen asetzbar ze maachen, ass et dem ZLS en Uleies, Trainingsdaten aus méiglechst ville verschidde Sourcen ze kréien. Wien also länger Audioopname mat entsprechendem Text huet a gewéilt ass, dës zur Verfügung ze stellen, deen ass häerzlech invitéiert, mam ZLS Kontakt opzehuelen.

6. Kontakt:

Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch
163, rue du Kiem – L-8030 Stroossen

Tel.: 247-88600, E-Mail: lod@lod.lu

Zesumme fir d'Lëtzebuerger Sprooch: D'Regierung huet mam neien Aktiounsplang e weidere Mesurëpak ugeholl

De 14. Dezember huet de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch zesumme mam Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch virgestallt, deen op désem Dag vum Regierungsrot ugeholl gouf.

Den Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch besteet aus engem Pak vu 50 konkrete Mesurë fir d'Promotioun, d'Weiderentwécklung an d'Festege vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Den Educatiounminister Claude Meisch huet de laangfristegen Engagement vun désem Plang énnerstrach: „Den Aktiounsplang festegt nach eemol d'Roll vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft. Mir suergen dofir, datt se verstärkt enseignéiert, geférdert a weiderentwéckelt gëtt. D'Regierung erneiert heimat hiren Engagement fir d'Sprooch a setzt d'Weichen, fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen och an Zukunft weiderzedreiwen.“

Den Aktiounsplang basiert op den Erfarunge mat der Ëmsetzung vun der Strategie fir d'Promotioun vum Lëtzebuergeschen, déi d'Regierung 2017 decidéiert hat, mat 40 Mesuren, déi quasi all émgesat goufen.

Den Aktiounsplang, deen elo lancéiert gëtt, bezitt sech op d'Propositounen aus de Sproocheronne mat de Bierger. Am Summer 2022 war de Minister Claude Meisch, dee fir d'Lëtzebuerger Sprooch zoustänneg ass, op fénnef Plazen am Land an huet mat de Bierger an och mat Schüler doriwwer geschwat, u wat et nach feelt, fir dem Lëtzebuergeschen déi richteg Plaz an eiser Gesellschaft ze ginn.

Donieft fléissen an den neie Mesurëpak och d'Proposen an d'Constate vu Vertrieeder aus verschiddene Ministèren an Experten an.

Den Aktiounsplang gouf der Regierung vum Commissaire fir d'Lëtzebuerger Sprooch proposéiert, deen elo zoustänneg ass, fir mat de ministeriellen Departementer ze kucken, wéi a wéini déi 50 Mesuren aus deem Plang kënnen émgesat ginn. De Commissaire mécht no fénnef Joer e Bilan vun der Realisatioun vun de Mesuren a proposéiert der Regierung déi eventuell néideg Ajustementer.

Den Aktiounsplang definéiert Mesuren an dräi weesentleche Beräicher:

Lëtzebuergesch léiere fir jidderee

Jiddereen, dee Lëtzebuergesch léiert, ob Kanner an der Crèche, Schülerinnen a Schüler an eise Grondschoulen, Lycéeën oder öffentlechen internationale Schoulen ass drop ugewisen, datt net némmen am Unterrecht, mee och dobausse Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Dofir brauche mer didaktescht Material, Bicher an dem Alter ugepasste Lies- oder Virliestexter, mee och audiovisuell Produktiounen, déi de Gewunnechte vun der haiteger Welt ugepasst sinn.

Jugendlecher an hir Eltere brauchen Informatiounen doriwwer, datt Lëtzebuergesch net némme wichteg ass fir dat alldeeglecht Liewen, mee datt et gutt Perspektive ginn domadder fir e Studium a fir e Beruff.

Fir Erwuessener ass et op der neier Internetplattform www.llo.lu méiglech, selwer kënne Lëtzebuergesch ze léieren. Lëtzebuergesch als Friemsprooch soll mam sougenannte Blended learning ugebuede ginn, also Coursé

plus Léieren iwwer Internet; dat mécht et méi liicht, Aarbecht a Lëtzebuergeschléieren énnert een Hutt ze bréngen a genuch Lëtzebuergesch ze léieren, fir an der Beruffswelt ze bestoen.

Visibilitéit vum Lëtzebuergesch

Lëtzebuergesch soll hei am Land, mee och doríwwer eraus, eng besser Visibilitéit kréien.

www.lux.lu ass eng zentral Plaz fir all Informatiounen iwwer d'Lëtzebuerger Sprooch. Doríwwer eraus mécht 2023 eng mobil Ausstellung op iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch an iwwer d'Sproochen zu Lëtzebuerg, an där et drëm geet ze erklären, wéi Lëtzebuergesch sech entwéckelt huet a wéi eng Roll de Multilinguismus am Alldag zu Lëtzebuerg spillt. Mat esou enger Ausstellung sollen déi Theemen och an de Grondschoule behandelt ginn.

Lëtzebuergesch soll present sinn an de politeschen Diskussiounen hei am Land. Op Decisioun vun der Regierung gëtt den Dossier vun der Unerkennung vum Lëtzebuergesch op europäeschem Niveau virugedriwwen, a Lëtzebuergesch soll och bei der Unesco als eegestänneg Sprooch zielen.

An den Zeitunge misste méi Artikelen op Lëtzebuergesch stoen an de Gebrauch vum Lëtzebuergeschén op Radio an Télee verbessert ginn. An deem Kontext bitt den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch Formatiounen un.

Um lokalen Niveau soll de Kontakt téscht Mammesproochler a Leit, déi Lëtzebuergesch léieren, gefördert ginn. An de Beräicher vu Santé a Sécurité sociale ass e Médiateur linguistique virgesinn, fir de sproochlechen Austausch ze erlichteren.

All Bicher, déi op Lëtzebuergesch publizéiert ginn, sollen digital erhale bleiwen, wa se net méi am Verkauf sinn. Buchbesprechungen an der Press solle gesammelt an op Internet publizéiert ginn, esou datt den interesséierte Lieser en Iwwerbléck kritt.

Lëtzebuergesch virundreiwen

Lëtzebuergesch bleibt net stoen, mee et entwéckelt sech virun a soll och weider vermettelt an erfuerscht ginn.

Fir de Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD) wäerte kloer Reegelen a Prozedure gëlle fir nei Wierder, déi do dran opgeholl ginn. Fir spezialiséiert Beruffs- an aner Beräicher gi Glossairen ausgeschafft a publizéiert, esou wéi elo schonns dee fir medezinesch Termen op med.lod.lu. Déi elektronesch Hëlfesmëttelen, Spellchecker, automatesch Iwwersetzung a Sproocherkennung, also Speech to Text, gi virun entwéckelt.

Et gëtt émmer méi iwwersat an d'Lëtzebuergesch, mee och aus dem Lëtzebuergeschén an aner Sproochen. Dofir brauch et eng Formatioun fir Iwwersetzer mat der Spezialisatioun Lëtzebuergesch.

Mat der Standardiséierung vum Lëtzebuergesché sollen déi lokal Mondaarten net verschwinnen. Persounen, déi dat wënschen, können déi Mondaarte mat Aktiounen op lokalem oder regionalem Niveau fleeegen an dokumentéieren.

D'Recherche iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch gëtt op der Uni Lëtzebuerg weidergedriwwen, zum Beispill mat der Schnëssen-App, op där jiddweree ka matmaachen a seng Manéier dokumentéieren, fir Lëtzebuergesch ze schwätzen.

Do dernieft sinn Etüdë wichteg iwwert d'Léiere vum Lëtzebuergeschén; et soll och reegelméisseg en Austausch si mat auslännesch Universitéiten, déi sech mat der Lëtzebuerger Sprooch ofginn.

Fir weider Informatiounen:

[Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch](#)

LES ACTUALITÉS DU MENJE

À LA UNE

8

Save the date: Foire fir Bildung fir nohalteg Entwécklung



SAVE THE DATE



20. Abrëll 2023

BNE Foire

4. Editioun

**Inspiratioun, Weiderbildung
a pedagogesch Offeren
am Beräich vun der Bildung
fir nohalteg Entwécklung**

 FORUM CAMPUS
GEESSEKNÄPPCHEN
40 Bd Pierre Dupong
L-1430 Luxembourg

Fir jiddereen aus der formaler an non-formaler Bildung

© Shutterstock / MintImage



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

LUXEMBOURG
AID & DEVELOPMENT

Plateforme pour l'éducation à l'environnement
et au développement durable (PEEDD)

Déi 4. Editioun vun der Foire fir Bildung fir nohalteg Entwécklung (BNE) gëtt den 20. Abrëll 2023 am Forum Geeseknäppchen vum SCRIPT, der Direction de la coopération au développement et de l'action humanitaire, dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Plateforme pour l'éducation à l'environnement et au développement durable organiséert.

De ganzen Dag iwwer wäert den aktiven Austausch tëschent de verschiddensten Acteuren aus der formaler an non-formaler Education an ONGen am Mëttelpunkt stoen, sief et duerch Stänn, déi déi énnerschiddlechst pedagogesch Offeren am Beräich vun der nohalteger Entwécklung ubidden, duerch zertifiéiert Weiderbildungen, oder awer och – nei dëst Joer – duerch Austausch-Atelieren, an deenen Erfarungen ausgetosch an nei Impulser fir pedagogesch Projete gesat kënne ginn.

An dësem Kader bidde mir och lech d'Méiglechkeet, Är interessant Initiativen a Projeten am Beräich vun der Bildung fir Nohaltegkeet virzestellen.

Fir weider Froe kënnt Dir lech un foire@bne.lu wenden.

Ukraine - Kinderbücher: einige Empfehlungen

Infolge der Ankunft vieler Kinder und Familien aus der Ukraine in Luxemburg steigt einerseits der Bedarf an Kinderbüchern auf Ukrainisch und andererseits das Interesse an Kinderbüchern aus der Ukraine.

Die Ukraine hat eine reiche Kinderbuchverlagslandschaft und Werke einiger ukrainischer Autoren und Illustratoren werden jetzt verstärkt in Westeuropa in übersetzter Form angeboten.

Seit dem Frühjahr 2022 erscheinen zudem vermehrt zwei- und mehrsprachige Bücher oder Bildwörterbücher mit Ukrainisch als eine der Zielsprachen.

In diesem Zusammenhang haben die Abteilungen SCRIPT und SECAM nach entsprechenden Büchern gesucht und eine Bücherliste zusammengestellt:

- Bilder- und Kinderbücher in zweisprachigen Fassungen Ukrainisch-Deutsch bzw. Ukrainisch-Französisch oder Ukrainisch-Englisch oder in mehrsprachigen Fassungen mit Ukrainisch
- Übersetzungen ukrainischer Bilder- oder Kinderbücher auf Deutsch, Französisch oder Englisch

Die komplette Bücherliste wird ab Mitte Januar 2023 für Lehrkräfte auf der entsprechenden Homepage des SECAM verfügbar sein: <http://portal.education.lu/secam>.

Lehrkräfte können sich nach Terminvereinbarung die Bücher im SECAM ansehen: eric.anen@men.lu; Tel. : 247-56420

Die ukrainische Originalfassung einiger Kinderbücher - und viele weitere ukrainische Bücher - sind in der Bibliothek der Ukraine asbl in Rollingergreund verfügbar: <https://ukrainians.lu/library/>.

Anbei eine kleine Auswahl aus der zusammengestellten Bücherliste.

Zweisprachiges Bilderbuch Ukrainisch-Deutsch



Ich bin anders als du - Ich bin wie du: ein Wendebuch : Kinderbuch Deutsch-Ukrainisch mit MP3-Hörbuch zum Herunterladen / Constanze von Kitzing. - München : Hueber, 2022. - 80 S. - (Ich bin anders als du).- ISBN 978-3-19-039601-6

Existiert in vielen zweisprachigen Sprachvarianten (auch Deutsch-Russisch)

<https://www.edition-bilibri.com/books/ich-bin-anders-als-du-ich-bin-wie-du/>

Unterschiede und Gemeinsamkeiten zwischen Kindern werden in diesem Wendebuch schon für kleine Kinder ab Zyklus 1 anschaulich vermittelt. Kinder sollen sich auch ihrer eigenen Identität bewusst werden.

Bilderbücher ukrainischer Autoren/Illustratoren

Bula, Oksana



Je veux hiberner (pour faire comme l'ours) ; Je ne veux pas hiberner (pour faire comme le bison) / Oksana Bula ; trad. de l'ukrainien par Iryna Dmytrychyn. - Bruxelles : Alice jeunesse, 2020. - 72 p. - (Histoires comme ça). - ISBN 978-2-87426-441-2

<https://www.alice-editions.be/catalogue/je-ne-veux-pas-hibernerje-veux-hiberner/>



Nein, ich bin nicht müde! = Ja, ich will ins Bett! : Bilderbuch / Oksana Bula, aus dem Ukrainischen von Thomas Weiler. - Hamburg : Ellermann, 2020. - 80 S. - Titre original: Zubr sukaje hnizdo/Vedmid' ne choce spaty. - ISBN 978-3-7707-0240-4

<https://www.oetinger.de/buch/nein-ich-bin-nicht-muede-ja-ich-will-ins-bett/9783770702404>

Bilderbuch über einen Wisent und einen Bären, die in punkto Winterschlaf einen Rollentausch machen wollen. Als Wendebuch wird die Geschichte einmal aus der Perspektive des Wisents und einmal aus der Perspektive des Bären erzählt.

Lushchevska, Oksana



Sascha zählt lieber Leuchttürme : eine Einschlafgeschichte / Oksana Lushchevska und Dzmitry Bandarenka; ill. von Oksana Drachkovska. - Grevenbroich : Südpol verlag, 2022. - Titre original: 101 Mark. - ISBN 978-3-96594-177-9


<https://www.suedpol-verlag.de/detail/sascha-z%C3%A4lt-lieber-leuchtt%C3%BCrme-eine-einschlafgeschichte-aus-der-ukraine-mit-vater-und-sohn.html>

Da Sascha mitten in der Nacht nicht einschlafen kann, beobachtet er die Hochhäuser gegenüber und stellt sich vor, es wären Leuchttürme - die mag er nämlich besonders gerne...

Die Einschlafgeschichte eignet sich für den Zyklus 1.

Romanyschyn, Romana / Andrij Lessiw

Es handelt sich um ein sehr bekanntes und preisgekröntes Autor- und Illustratorenpaar aus der Ukraine.




Als der Krieg nach Rondo kam / Romana Romanyschyn , Andrij Lessiw; aus dem Ukrainischen von Claudia Dathe und Oksana Semenets. - Hildesheim : Gerstenberg, 2022. - Titre original: Vijnă, ſo zmīnila. - Rondo ISBN 978-3-8369-6203-2

<https://www.gerstenberg-verlag.de/Kinderbuch/Bilderbuch/Als-der-Krieg-nach-Rondo-kam.html>

DAS Buch im aktuellen Zusammenhang. Es wurde 2015 geschrieben, nachdem Russland die Krim überfallen hatte.

Eine poetische Geschichte gegen den Krieg.

Für Kinder – am besten in begleiteter Lektüre – ab Zyklus 3.



La guerre qui a changé Rondo / texte et ill. Romana Romanyshyn, Andriy Lesiv ; adapté de l'ukrainien par Laurana Serres-Giardi. - Voisins-le-Bretonneux : Rue du monde, 2015. - 37 p. - Titre original : Výjna, Šo zmìnila Rondo. - ISBN 978-2-35504-391-8

Les habitants de Rondo, ville harmonieuse et ronde comme la Terre, vivent en paix. Ils sont doux, aiment la nature, font pousser des fleurs qui chantent et écrivent des poèmes.

Tout à coup, c'est le silence : la guerre arrive....

L'album peut être utilisé en lecture partagée avec des enfants dès le cycle 3.

Coup de coeur absolu!


Sad, Katerina



Eine tierisch gute Idee / Katerina Sad; aus dem Ukrainischen von Ganna Gnedkova und Peter Marius Huemer. - Zürich : Atlantis Verlag, 2022. - 32 p. - ISBN 3-7152-0856-5

<https://www.atlantisverlag.ch/katerina-sad-eine-tierisch-gute-idee/>


L'histoire des canards qui doivent se débrouiller seuls parce que leur fermier est parti, montre comment se sortir par ses propres moyens d'une prétendue impasse. A utiliser à partir de la fin du cycle 2.



L'idée du siècle / Katerina Sad ; trad. de l'ukrainien par R. M. Cavill. - Bruxelles : Alice jeunesse, 2022. - 25 p. - ISBN 978-2-87426-476-4

<https://www.alice-editions.be/catalogue/lidee-du-siecle/>

Bildwörterbuch Ukrainisch-Deutsch



PONS Bildwörterbuch Ukrainisch - Deutsch für Kinder : Wörterbuch für Kinder in Vorschule und Grundschule mit Ukrainisch als Muttersprache. - Stuttgart : Pons, 2022. - (PONS Bildwörterbuch). - 72 p. - ISBN 978-3-12-516367-6

<https://de.pons.com/shop/deutsch/woerterbuecher/pons-bildwoerterbuch-ukrainisch-deutsch-fuer-kinder-978-3-12-516367-6>

250 Wörter aus verschiedenen Lebensbereichen der Kinder werden klar illustriert präsentiert. Die entsprechenden Begriffe stehen bei jedem Bild auf Deutsch und Ukrainisch (in kyrillischem und in römischem Alphabet).


Kinderbuch



Alle meine Freunde / Larysa Denysenko; ill. von, Masha Foya; aus dem Englischen von Mila Piredda. - Hamburg : Rowohlt, 2022. - Original publié en ukrainien. - ISBN 978-3-499-01119-1

<https://www.rowohlt.de/buch/larysa-denysenko-alle-meine-freunde-9783499011191>

Das Buch präsentiert einen Text über jedes Kind einer ukrainischen Schulklassie. Die Kinder sind sehr divers in Bezug auf Lebensumstände und Familienkonstellationen. Das Buch wirbt für Toleranz und Diversität.



Maya and her friends : A story about tolerance and acceptance / Larysa Denysenko; Masha Foya. - London : Bonnier Books (Studio Press), 2022. - ISBN 9781800784147

Kindersachbücher



Hören / Romanyschyn, Romana; Übersetzung: Dathe, Claudia, Illustration: Lesiv, Andriy. - Hildesheim : Gerstenberg, 2021. - 56 S. - Titre original : Golosno, tiho, pošepki / Titre original : Голосно, тихо, пошепки. - ISBN 978-3-8369-6051-9

<https://www.gerstenberg-verlag.de/Kinderbuch/Sachbuch/Hoeren.html>

Das Sachbilderbuch über das Hören und verschiedenste Geräusche ist sehr kreativ illustriert. Es eignet sich für Kinder ab Mitte Zyklus 3 und für Zyklus 4.

Das Buch erhielt 2018 auf der Kinderbuchmesse in Bologna den sehr renommierten Kinderbuchpreis „Bologna Ragazzi“.



Dans mes oreilles, j'entends le monde / Romana Romanishyn et Andriy Lesiv ; adapté de l'ukrainien par Laurana Serres-Giardi. - Voisins-le-Bretonneux : Rue du monde, 2017. - 59 p. - Titre original : Golosno, tiho, pošepki / Titre original : Голосно, тихо, пошепки. - ISBN 978-2-35504-481-6



Sound : Shhh . . . Bang . . . POP . . . BOOM! / Romana Romanayshyn and Andriy Lesiv ; translated by Vitaly Chernetsky. - San Francisco (CA) : Handprint Books (Chronicle Books), 2020. - ISBN 978-1-4521-7978-0

<https://www.chroniclebooks.com/products/sound>



Sehen / Romanyschyn, Romana; Übersetzung: Dathe, Claudia, Illustration: Lessiw, Andrij. - Hildesheim : Gerstenberg, 2021. - 56 S. - Titre original : À tak baču / Titre original : Я так бачу. - ISBN 978-3-8369-6050-2


<https://www.gerstenberg-verlag.de/Kinderbuch/Sachbuch/Sehen.html>

Das Sachbilderbuch über das Sehen ist ebenfalls sehr kreativ und teils ungewöhnlich illustriert. Es kann vielfältig ab Mitte Zyklus 3 genutzt werden.

Das Buch ist in der Kategorie Sachbuch für den Deutschen Jugendliteraturpreis 2022 nominiert.



Dans mes yeux, je vois tout / Romana Romanayshyn et Andriy Lesiv ; adapté de l'ukrainien par Laurana Serres-Giardi. - Voisins-le-Bretonneux : Rue du monde, 2018. - 58 p. - Titre original : À tak baču / Titre original : Я так бачу. - ISBN 978-2-35504-531-8



Sight : glimmer, glow, spark, flash! / Romana Romanayshyn and Andriy Lesiv ; translated by Vitaly Chernetsky. - San Francisco, California : Handprint Books (Chronicle Books), 2021. - Titre original : À tak baču / Titre original : Я так бачу. - ISBN 9781452179773

<https://www.chroniclebooks.com/products/sight>



D'ici jusqu'à là-bas / Romana Romanayshyn et Andriy Lesiv. - Voisins-le-Bretonneux : Rue du monde, 2021. - Titre original : Kudy i zvidky. - ISBN 978-2-35504-665-0

Il s'agit d'un documentaire passionnant sur toutes les facettes du mouvement : les mouvements du corps, les raisons de bouger, les voyages, la fuite...

Le livre a été sélectionné pour l'édition 2021 du catalogue White ravens :

<https://whiteravens.ijb.de/book/2183>

Ukrainische Märchen



La moufle / une histoire contée par Florence Desnouveaux ; ill. par Cécile Hudrisier. - Paris : Didier jeunesse, 2022. - 19 p. - (Les bilingues). - ISBN 978-2-278-05732-0

<https://didier-jeunesse.com/collections/les-bilingues/la-moufle-bilingue-ukrainien-9782278057320>

Le conte traditionnel du moufle qui finit d'accueillir des animaux jusqu'à devenir trop petit est raconté tout en douceur.

Il s'agit d'une édition bilingue français-ukrainien. Le texte ukrainien se trouve en fin d'ouvrage. L'ouvrage peut être utilisé à partir du cycle 2.



Das Rübchen - Ripka : ein Märchen aus der Ukraine / ill. von Romana Romanyschyn und Andrij Lessiw ; nach einer Fassung von Ivan Franko; aus dem Ukrainischen von Kati Brunner. - Basel : Baobabbooks, 2022. - 32 p. - Zweisprachige Fassung Deutsch-Ukrainisch. - ISBN 978-3-907277-14-0

www.baobabbooks.ch


Das traditionelle Märchen vom Rübchen, das so groß wird, dass alle mithelfen müssen, um es aus der Erde zu ziehen, stammt aus der Ukraine. In der vorliegenden Fassung wird es in Reimen erzählt und ist sehr fantasievoll illustriert.

Les activités culturelles et sportives en dehors des cours : c'est cool !




disponible en ligne : www.men.lu

Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch



disponible en ligne : www.men.lu

L'orientation vers l'enseignement secondaire : plusieurs options selon le profil linguistique



disponible en ligne : www.men.lu

**Trouvez toutes
nos publications
sous :**

<http://www.men.lu>

LES ACTUALITÉS DU MENJE

BRÈVES

16

La plateforme kulturama.lu fait peau neuve

La plateforme www.kulturama.lu, créée et gérée par le SCRIPT en collaboration avec le ministère de la culture, s'affiche sous une nouvelle forme, rendant l'accès des établissements scolaires au domaine de la culture encore plus simple.

kulturama.lu met en avant la diversité des institutions culturelles existantes sur le territoire du Grand-Duché et promeut la médiation culturelle en soutenant financièrement des projets réalisés par des artistes dans les écoles fondamentales et les établissements de l'enseignement secondaire.

Le nouveau site contient davantage d'informations et présente de manière plus moderne le pool d'artistes.

De plus, de nombreuses idées de projet sont exposées afin d'encourager toute personne travaillant avec des enfants et des jeunes de nouer des contacts avec des artistes.

Pour les professionnels de l'éducation, les documents nécessaires pour demander le financement d'un projet sont présentés de manière plus visible. Les artistes ont également la possibilité d'accéder directement aux documents dont ils ont besoin.

Une rubrique 'FAQ' répond aux questions les plus fréquentes.

Enfin, la nouvelle rubrique 'Contact' permet d'adresser une question, une remarque ou une suggestion à l'équipe du SCRIPT en charge de ce projet.

The screenshot shows the kulturama.lu website. At the top left is the logo 'KULTURAMA Think creative'. To its right are navigation links: ACCUEIL, À PROPOS, INSTITUTIONS, MISE AU POINT, OFFRES, and ARTISTES. Below the header, there are three main content blocks. The first block, 'À PROPOS', features a wooden block with a large question mark on a keyboard background. The second block, 'INSTITUTIONS', shows a group of students walking outside a modern building. The third block, 'MISE AU POINT', shows a close-up of hands covered in colorful paint. Each block has a yellow banner at the bottom with its respective section name.

Eltereschoul J. Korczak
Tél. 59 59 59 59
Mail: eltereschoul@kannerschlass.lu



D'Eltereschoul J. Korczak vun der Fondatioun Kannerschlass organiséiert sät 2002 am ganze Land all Zort von themateschen Aktivitéite fir Elteren (Konferenzen, Groupes de paroles, Coursen, Soiréeën ...) mam Zil, si an der Education vun de Kanner ze énnerstëtzen. D'Eltereschoul gesäit d'Elteren émmer a Gruppen, fir et hinnen esou ze erméiglechen, sech och énnerteneen auszetauschen.

Mir organiséieren esouwuel Aktivitéiten am Presentiel wéi och online.

Sollt Dir als Maison relais, Crèche, Schoul... interesséiert sinn, ee vun eisen Theemenowender (online oder am Presentiel) fir d'Elteren aus Ärer Institutionen ze organiséieren, da kontaktéiert eis énner: eltereschoul@kannerschlass.lu.

Hei en Auszuch aus eisen Aktivitéite fir Januar a Februar.

Eltereschoul Programm Januar-Februar 2023

Samedi, 14.01.23 **09:00-12:00 hrs**

Treff fir Eltere vun Teenager

Groupe de parole fir Eltere vu grousse Kanner (LU/DE)*

Esch/Alzette, 1, rue Louis Pasteur, EltereCafé

Mardi, 17.01.23 **18:00-20:00 hrs**

Dodo, l'enfant dodo. Quand les enfants...

Webinaire pour parents de petits enfants (FR)*

Mercredi, 18.01.23 **18:00-20:00 hrs**

On ne naît pas parents

Webinaire pour futurs parents ou parents de nourrissons (FR)*

Jeudi, 19.01.23 **19:00-21:00 hrs**

Lâcher prise et soutenir en même temps

Webinaire pour tout parent intéressé (FR)*

Samedi, 21.01., 28.01. + 04.02.23 **09:00-11:30 hrs**

Prêt pour la puberté

Workshop en ligne pour parents de grands enfants (FR)*


Jeudi, 26.01.23 **18:00-20:00 hrs**

Lassloessen a gläichzäiteg Halt ginn

Thematicsche Aktivitéit fir all interesséiert Elteren (LU)

Belvaux, 60, rue de la poste, Salle des fêtes

Eltereschoul J. Korczak
Tél. 59 59 59 59
Mail: eltereschoul@kannerschlass.lu



Mardi, 31.01.23 08:00-10:00 hrs

(Grouss)-Eltere-Café an der aler Schoul

Groupe de parole fir Elteren a Grousselteren (LU)

Remich, rue Foascht, Al Schoul

Samedi, 04.02.23 09:00-12:00 hrs

Treff fir Eltere vun Teenager

Groupe de parole fir Eltere vu grousse Kanner (LU/DE)*

Esch/Alzette, 1, rue Louis Pasteur, EltereCafé

Samedi, 25.02., 04.03., 11.03. et 18.03. 09:00-11:30 hrs

Triple P Training 2-10 Joer

Bourglinster, 1, rue de l'école, salle des fêtes

Cours pour parents en 4 unités (LU/DE)*

Lundi, 27.02.23 18:00-20:00 hrs

Fit fir an d'Schoul! Och eng Fro vu gesonder Ernährung

Webinaire fir Eltere vu Schoulkanner (LU) *

Mardi, 28.02.23 08:00-10:00 hrs

(Grouss)-Eltere-Café an der aler Schoul

Groupe de parole fir Elteren a Grousselteren (LU)

Remich, rue Foascht, Al Schoul

bei all Aktivitéit mat engem * : Aschreiwung an Informatiounen iwwer: eltereschoul@kannerschlass.lu.

De ganzen Agenda vun der Eltereschoul fannt Dir och énnert:

<https://www.kannerschlass.lu/fr/nos-services/eltereschoul/agenda>

oder scannt einfach eise QR-Code:



D'Ekipp vun der Eltereschoul

Eltereschoul J. Korczak
Tél. 59 59 59 59
Mail: eltereschoul@kannerschlass.lu



Triple P Positive Parenting Program

Photo by Ben White on [Unsplash](#)



4-teiliger Kurs für Eltern von Kindern von 2-10 Jahren

DATUM

**25.02.23, 04.03.23, 11.03.23 und
18.03.23**

UHRZEIT

09:00-11:30 Uhr

ADRESSE

**Bourglinster, Salle des fêtes
1, rue de l'école, L-6162 Bourglinster**

SPRACHE

DE/LU

Ziel des wissenschaftlich geprüften Programms ist es, die Erziehung von Kindern und Jugendlichen zu erleichtern.

Im Mittelpunkt des Kurses steht deshalb die Interaktion (besonders die Kommunikation) zwischen Eltern und Kind, denn oft genügen schon kleine Veränderungen, um die gesamte Familiensituation zu verbessern. Im Austausch mit der Triple P-Trainerin und anderen anwesenden Eltern geht es darum, den Erziehungsalltag stressfreier zu gestalten!

KURSLEITUNG

Dunja Wolsfeld, Educatrice graduée,
Triple P-Trainerin

INFOS UND EINSCHREIBUNG

eltereschoul@kannerschlass.lu

PREIS (INKL. KURSBUCH)

Einzelperson: 100,00 €

Elternpaar: 150,00 €

Einschreibungen möglich bis 10/02/23



#basketballs4kids

Duerch Covid waren d'Kanner laang doheem agespaart mat wéineg Méiglechkeeten, Sport ze machen.

De Veräinssport ass ausgefall, de Schoulsport ass ausgefall. Vill Spillplaze waren zou, wat dozou gefouert huet, datt vill Kanner net méi konnten hirer Passioun nokommen.

Mir sinn der Meenung, datt et immens wichteg ass an der Entwécklung vun de Kanner a vun de Jugendlechen, wann si Sport maachen.

An zumol wann si kollektiv Sportaarte maachen, well do och nach de soziale Volet mat an d'Spill kënnt.

An dofir probéiere mir esou vill wéi méiglech Kanner a Jugendlecher un de Sport ze kréien, an zumools natierlech un de Basket.

Mir hunn als FLBB 7.000 Bäll bestallt mam Zil, datt si an den Hänn vun de Kanner solle landen.



Elo si mir an der Phas vun der Organisatioun, wou mir de Kontakt mat de Schoulen an de Veräiner ophuelen, fir ze kucken, wéini mir kënne Sportsstonnen oder Training hale kommen.

An duerno kënnt natierlech och nach e Gewënnspill fir all déi, déi matmaachen.

Sidd Dir also eng Schoulklass, e Foyer, eng Maison relais oder e Veräin, dann zéckt net, lech bei der FLBB ze mellen. Mir komme laanscht mat Spiller an Trainer an hale bei lech Är Schoulstonn oder Ären Training, a mir hunn natierlech Bäll am Gepäck, déi Dir och duerno gäre kënnt halen an un Är Kanner weiderginn.

[Klickt hei, fir de ganze Video ze gesinn.](#)

E-Mail: flbb@flbb.lu

Samy Picard
President
Fédération Luxembourgeoise de Basketball



Une nouvelle constitution pour le Luxembourg

Fin décembre 2022 les propositions de révision de la Constitution ont été votées à la Chambre des députés. La Constitution définit la base du vivre-ensemble démocratique au Luxembourg. Ainsi, le Zentrum fir politesch Bildung (ZpB) présente une offre diversifiée en relation avec le sujet :

Rendez-vous sur <https://zpb.lu/> !

Informations en langage facile à lire Check Politik : La Constitution au Luxembourg, disponible en allemand, français et anglais.

https://zpb.lu/pedagogical_cpt/check-politik-4/

Vidéo explicative sur la constitution luxembourgeoise, disponible en luxembourgeois, allemand, français, anglais.

https://zpb.lu/zpbmedia_cpt/politik-fir-jiddereen-la-constitution/

Un **fact sheet** sur le référendum au Luxembourg (disponible en allemand et français).

https://zpb.lu/pedagogical_cpt/referendum-au-luxembourg/

